# Schwätz mat !

## D'Monarchie zu Lëtzebuerg




Groussherzogin Charlotte (1896 - 1985)

### Wat mécht e Groussherzog oder eng Groussherzogin?

Zënter 1815 gëtt d'Land vun engem Groussherzog oder enger Groussherzogin regéiert. De Staat ass no der Victoire iwwer den Napoléon Bonaparte um Wiener Kongress gegrënnt ginn. Bis 1890 hunn déi hollännesch Kinneken d'Groussherzogtum mat regéiert.
Den aktuelle Groussherzog heescht Guillaume. Seng Roll als Staatschef ass haut virun allem representativ. Hie vertrëtt Lëtzebuerg bei offiziellen Evenementer, Feierlechkeeten, diplomatesche Missiounen a bei Staatsvisitten aus dem Ausland. Hien ass och e Symbol fir déi national Eenheet an d'Onofhängegkeet.
D'politesch Muecht läit bei der Regierung a bei der gewielter Chamber (d'Parlament), wou d'Gesetzer gemaach ginn. D'Verfassung gëtt dem Staatschef awer eng Rei Aufgaben, wéi zum Beispill:

- d'Ernenne vun der Regierung,
- d'Ënnerschreiwe vun internationale Verträg,
- d'Ernenne vu Beamten a Beamtinnen,
- d'Veröffentlechung vu Gesetzer, fir datt si a Kraaft trieden,
- de Chef vun der Arméi (dat ass just en Titel),
- de Groussherzog/d'Groussherzogin ka Leit begnodegen, déi vun engem Geriicht veruerteelt goufen (droit de grâce)

All dës Aufgaben brauchen ëmmer d'Zoustëmmung vu Regierungsmemberen.

Groussherzog Guillaume © Maison du Grand-Duc / Kary Barthelmey



D'Verfassung gesäit keng offiziell Aufgab oder Roll fir de Partner oder d'Partnerin vum Groussherzog oder der Groussherzogin vir. D'Partner engagéieren sech awer dacks a soziale, kulturellen a karitative Beräicher. D'Groussherzogin Stéphanie setzt sech zum Beispill mat der Fondation Cancer fir Mënsche mat Kriibs an an ass Presidentin vum Lëtzebuerger Roude Kräiz.

### Monarchie a gläichzäiteg Demokratie – geet dat?

D'Verfassung hält fest, datt d'Land eng „parlamentaresch Demokratie" ass. D'Parlament an d'Regierung ginn an der Reegel all 5 Joer nei gewielt. D'Staatsform ass eng „konstitutionell Monarchie". D'Muecht vum Staatschef oder vun der Staatschefin ass duerch d'Verfassung begrenzt, am Géigesaz zu enger „absolutter Monarchie", wou d'Herrscher oder d'Herrscherinnen ouni Kontroll d'Politik bestëmme kënnen.

### Lëschtegt Roden: Uerden di 3 Zuelen richteg zou!

0 2 0

Zuel vun de Grand-Duchessen zënter 1815: ______ [ ]

Zuel vu Premierministeschen: ______ [ ]

Zuel vu Chamberpräsidentinnen: ______ [ ]

### Test däi Wëssen!

Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung



Fir Sprooch- a Konversatiounscoursen (ZpB 2026)

# D’Entwécklung vun der Lëtzebuerger Monarchie

**1815**

**Absolut Monarchie:** Néierlag vum Napoleon. Grënnung vum Grand-Duché um Wiener Kongress. Lëtzebuerg gëtt Privatbesëtz vum Wilhelm I. vun Oranien-Nassau, Kinnek vun Holland.

**1848**

**Konstitutionell Monarchie:** Revolutionär Onrouen. De Kinnek-Groussherzog Wilhelm II. akzeptéiert déi éischt liberal an demokratesch Verfassung.

**1856**

**Absolut Monarchie:** De Kinnek-Groussherzog Wilhelm III. etabléiert nees eng autoritär Verfassung.

**1868**

**Konstitutionell Monarchie:** D’Chamber kritt déi meescht Rechter zeréck. De Kinnek-Groussherzog behält d’Exekutivgewalt a ka bei Gesetzer matbestëmmen.

**1890**

**National Dynastie:** Doud vum Wilhelm III., d’Kroun vun Holland geet u seng Duechter Wilhelmine. D’Kroun vum Grand-Duché geet u säi Cousin, den Adolphe vun Nassau-Weilburg. Déi deemoleg Reegelen verlaangen e männleche Successeur.



Groussherzog Adolphe von Nassau-Weilburg; Archiv vun der BNL

**1919**

**Referendum:** Ofdankung vun der Groussherzogin Maria-Adelheid nom 1. Weltkrich. Feelgeschloe Proklamatioun vun enger Republik. Referendum iwwer d’Monarchie.

**2023**

**Nei Verfassung:** Déi nei Verfassung limitéiert d’Muecht vum Groussherzog oder der Groussherzogin a fixéiert d’Roll vu Regierung a Chamber.

## Diskussioun an der Grupp

Wéi eng aner Monarchië kenns du nach?

Sammelt zesummen Argumenter: Passt eng Monarchie nach an déi heiteg Zäit? Wat sinn d‘Virdeeler an d‘Nodeeler vun esou enger Staatsform? Wat mengs du?

| Pro | Kontra |
| --- | --- |
| | |

## Recherche

Wat halen déi politesch Parteien zu Lëtzebuerg vun der Monarchie? Gëtt et kritesch Stëmmen? A wat sinn hir Virschléi?